POST-IT
Zeitung vum Camp
together

100 fnel
together 2014
creating a better world
LUXEMBOURG - CENTENARY SCOUT CAMP

03

Nach ronn 45 Deeg!
Mir si prett, an du?

La participation aux frais (suite...)

- pour les louveteaux et les chefs de meute s'élève à 120 € :

  Solde : 50 €

  à régler pour le 20 juin 2014

- pour les scouts, ex, rv et leurs chefs s'élève à 300 € :

  Solde : 100 €

  à régler pour le 20 juin 2014

Cette participation aux frais inclut outre les dépenses normales d'un camp scout, le livret de camp, le foulard, l'insigne, le t-shirt et la casquette du camp.

FNEL scouts camp together
BGL-BNP Paribas
LU09 0030 8856 7502 0000

Live it, Love it, Scout it

Hei hues du elo de Post-it 3 virun der leien, mat allen Informatioune wat's du solls matbréngen. Du gesäis: et gëtt esou lues Zäit sech virzebereeden. Och um Campsite ass schonns geschafft ginn, den Ufank vun der Paart gouf opgeriicht an des Woch fänken d'Aarbechte mam Waasser a Kanaluschloss un. Weiderhin dämpen d'Käpp bei deene villen Equipenleit a bal all Dag ass op mannst eng Equipe an der FNEL oder um Terrain fir sou lues déi lescht Virbereedungen ze maachen a geschwënn wärt et och um Site selwer méi aktiv ginn. Maile fléie lénks a riets, Telefone lafe waarm, Computer dämpen, Material gëtt organiséiert an déi lescht Bréiwer geschriwwen. Flott Iddië ginn nach ëmmer bäigesat, fir dëst Megaevent, an da kënnt dat schlëmmst wat all deng Dreem zerstéiert:

du däerfs net matgoen,

wëlls du net bezuelt hues oder deng Fiche médicale a Carte de vaccination erageschéckt hues: Dofir géing ech mech freeë wann dir all *(och Staff)* am Délai alles bezuelt an är Dokumenter era schéckt.
Bei iwwert 1200 Participante musse mir do op deng Disziplin zielen an ech si sécher du verstees dat.

Bis dann a ronn 45 Deeg

Hengi Schreiner a Marc Blau
Chefs de camp Together2014

KICHEMATERIAL PRO PATRULL (8 LEIT)

2 Gazbrenner + Détendeur
1 Batterie Dëppen *(+/- 4 pièces)*
2 Panen *(35 cm)*
2 Knäipercher
2 Grompereschieler
2 Louches grande / petite
2 Holzschaber *(Spatule en bois)*
2 Holzeläffel (Bräiläffel)
1 schaarft Kichemesser
1 Schneidbried
1 Litermooss
1 Schnéibiesem
16 Kichendicher
2 Plastikschosselen
8 Dëppercher mat Deckelen *(recycléiert)*
4 Spullschwämm
1 Spullmëttel, Piwel
2 Spullbiischten
2 Spullbiitecher
1 Saz Couverten --->Kichen
1 Seibecken *(Passoire) (Sieb)*
1 Béchsenëffner
1 Geméisrapp
1 Schaumläffel
1 Schéier
2 Eemer
1 Gewürzkëscht
1 Waasserbidong

CAMPMATERIAL PRO PATRULL (8 LEIT)

Zelt(er)
1 Ersatzpiquetshummer
Ersatzpiquéen
1-2 Baachen
1 Gasluucht +3 reserve Cartouchen + reserve Strëmp
1 einfach Täscheluucht mat Batterien *(separat halen)*
3 Fakelen
1 See
1 Klappspued
1 Beil
1 Hummer
1 Zaang
1 Cutter
Fixfeier
1 Rouleau Dréckstutten *(50l)*
1 Konstruktiounsficelle *(Baueréficelle)*
1 Rouleau feste Peschband (Gaffertape)
20 Plastikskabelbinder
6 Kicheplakken 40 x 40 an ofwäschbar
1 Patrullen-Éischt-Hëllef-Poche *(komplett a kontrolléiert)*
1 Ball oder soss eppes fir Fräizäit *(Frisbee,Kaartespill,...)*
Schreifmaterial
... a wat dir mengt soss nach um Camp ze brauchen

Material soll a Metalltransportkëschten (waasserfest ass en Surplus) verstaut sinn, déi vun 2 Scoute kënne gedroe ginn, also net ze schwéier.

Léiwer 2-3 méi kleng Këschte wéi eng riseg, déi a keen Auto geet.

Wat huelen ech mat op de Camp?

Fir ze schlofen	Um Départ	Fir de Rucksak ze fëllen
❑ Schlofsak	❑ komplett Uniform	❑ Täscheluucht
❑ Carry-mat / Loftmatraz	❑ Scoutsrimm	❑ Ersatzbatterien
❑ Jogging / Pyjama	❑ Campfoulard a Knuet	❑ Täschemesser
Fir unzedoen	❑ Bierg/ Marschschong	❑ Kompass
❑ laang Boxen	**Fir z'iessen** (alles an e Sak maachen)	❑ Bic a Block
❑ kuurz Boxen	❑ Gamelle	❑ Stoffte Sak fir knaschteg Wäsch
❑ Pullover	❑ Besteck / Couvert	❑ Nuesschnappecher
❑ T-Shirten	❑ Becher	❑ Scoutsbichelchen *(fac.)*
❑ Ënnerwäsch	❑ Kichendicher	❑ de klenge Jäitzert *(fac.)*
❑ Strëmp / déck Strëmp *(Hike)*	❑ Bidon	❑ Bitzgeschier *(fac.)*
❑ K-way / Reejackett	**Fir sech ze wäschen**	❑ Sonnecrème
❑ K-way-Box *(od. ähnl.) (fac.)*	❑ Wäschsak	❑ Fotoapparat *(fac.)*
❑ Kap / Hut	❑ Seef	❑ Rei in der Tube *(od. ähnl.) (fac.)*
❑ Schwammbox / Maillot *(kee Boxershort)*	❑ Zännpasta	❑ Perséinlech Medikamenter *(dem Chef ofginn mat genauen Detailer)*
	❑ Zännbiischt	
❑ Schwammkap	❑ Schampoing	❑ Carte d'identité / Passport
❑ Turnschlappen	❑ Handdicher / Läppecher	❑ Täschegeld *(40-50€)*
❑ Normal Schong	❑ Buedduch	❑ Portemonnie fir den Hals
❑ Waasserschong *(keng Flip-Flop)*	❑ Kamp / Hoerbiischt	❑ Lunchbox

Verschiddenes		
❑ alles an 1 Rucksak paken	❑ Pic-Nic fir de 17. Juli mëttes	❑ Wäiss Box a wäissen T-Shirt, déi kënnen dreckeg ginn
❑ alles mam Numm zeechnen	❑ klenge Rucksak	

together 2014
creating a better world
LUXEMBOURG - CENTENARY SCOUT CAMP

Camp Reglement

§

- De Site nëmme verloosse wann's du eng Erlaabnis vun dengem Chef de Camp krus.
- Déi faarweg Braceleten, déi's du am Ufank vum Camp krus, häls du déi ganz Campszäit un, well mir domat ëmmer schnell erausfanne bei wéi e Sous-camp's du gehéiers.
- Als gudde Scout lauschters du op däi Chef, well hien d'Verantwortung iwwert dech huet. Dofir méchs du och näischt Onerlaabtes, weder um Camp nach dobaussen a behëls dech wéi een et vun engem gudde Scout erwaart an häls dech un d'Scoutsgesetz.
- Pünktlechkeet ass en Zeeche vu Respekt vis-à-vis vun deenen aneren. Dofir bass du ëmmer mat Zäite bei den Aktivitéiten, beim Bus wann s du op eng Visite gees oder beim Iessen
- Propretéit an Hygiène si wichteg an dofir solls du och mat-hëllefen alles propper ze hannerloossen. Ganz wichteg op jidder Fall si Kichen, Toiletten an Duschen
- Nuetsrou vun 23:00-07:00 Auer um Camp respektéiers du a méchs kee Kaméidi, wann s du méi spéit no enger Aktivitéit op de Camp zeréck kënns. An och solls du net déi ganz Nuecht op sinn, well soss verschléifs du e flotte Programm den nächsten Dag.
- Hues du ee Problem, da ruff net direkt dengen Elteren un, mee vertrau dech dengem Truppen-, Unitéitschef un oder géi bei däi Sous-campchef; déi kënnen dir hëllefen a maachen alles fir dass du dech nees wuelfills an deng Elteren net erschreckt gi wéinst enger Klengegkeet
- Och wann's du frou mat dengem Hond, Hamster, denger Katz, Schildkröt etc bass, ass et fir d'Deier besser du bréngs et net mat op de Camp. Mamma,Pappa,Bomi,Bopi,... versuergen der dat Déierche gär
- Fëmmen ass net gesond. Op kee Fall dierf während den Aktivitéite gefëmmt ginn; a wann iwwerhaapt um Camp; dann nëmme wann s du dat och däerfs vun doheem aus maachen an och nëmmen do wou et gezeechent ass an och nëmmen dann, wann dir dat däi Sous-campchef erlaabt huet.
- Alkohol *(Béier a Wäin)* ass nëmmen erlaabt ab 16 Joer a mam Averständnes vun dengen Elteren. All aneren Alkohol ass strengstens verbueden a bréngt mat sech dass du direkt heem-geschéckt kanns ginn, dëst betrëfft och den Abus vun Alkohol. Et gëtt nëmme bei de Buvettë gedronk an och nëmme vun 20:00-01:00 Auer. *(Kuck och nach hei d'Säit vum Reglement: faarweg Braceleten an dësem Post-it)*

together land

Wat bedeit mäi faarwege Bracelet?

BRANCHE	Bracelet 1	Bracelet 2	Sous-Camp	Buvette	Alkohol
Beaver	Brong			☹	☹
Chef	Brong	Gro		☺	
Wëllef	Giel		Land of Elements	☹	☹
Chef	Giel	Gro		☺	
Scout Sc1	Greng		Rivertown	☹	☹
Chef Sc1	Greng	Gro		☺	
Scout Sc2	Greng		Laketown	☹	☹
Chef Sc2	Greng	Gro		☺	
Scout Sc3	Greng		Grapetown	☹	☹
Chef Sc3	Greng	Gro		☺	
Explorer < 16 Joer	Rout		Land of Adventures	☺	☹
Explorer > 16 Joer	Rout	Rout		☺	
Chef	Rout	Gro		☺	
Rover	Blo		Land of Challenge	☺	
Chef	Blo	Gro		☺	
Staff	Gro	Gro	Land of Solutions	☺	
Visiteurs	Mauve			☺	

merci

à nos partenaires

Badge Or

BGL BNP PARIBAS

Post Luxembourg

Prefalux

Badge Argent

50 YEARS ELVINGER, HOSS & PRUSSEN LUXEMBOURG LAW FIRM

La Provençale

ETOILE GARAGE | CITROËN

Badge Bronze

Foyer Agence WELTER SARL Agent Générale d'Assurances

FISCHER 1913 MAI BÄCKER

voyages emile weber

Badge Explorer

BOFFERDING

STOLL SAFETY

steffentraiteur

Rosport

institutionnels

VILLE DE LUXEMBOURG

FONDS KIRCHBERG

snj Service National de la Jeunesse

Hutt der schonns héieren?

- Dat de Waarmloftballon um Pow-Wow bal grad sou vill waarm Loft brauch, wéi aner Leit all Dag produzéieren
- Wéi wann eis Rover sech freeën dierfe flott Auslänner an hier Zelter ze loossen
- D'Ouverture Zeremonie där vun den Olympesche Spiller Konkurrenz mécht
- Mir eis op d'Sich nom SuperScout um Camp maachen
- Et Wäinzoossiss z'iesse gëtt
- D' 1. Hëllefs-Team 100 Pincettë bestallt huet, fir iech Zecken ze zéien
- D'Stadspill iech ganz nei Ablécker gëtt
- Dat mer eis op schéi Momenter beim grousse Campfeier freeën
- Dräi LGS Gruppen sech freeën dierfen ee Camp à la FNEL ze erliewen
- Dat et gutt Wierder soll ginn
- Dat een Holi Festival Faarwen aus de Kleeder wäsche kann.

fnel 100 together 2014 creating a better world LUXEMBOURG - CENTENARY SCOUT CAMP

infoSCOUT Nr 310

Fédération Nationale des Eclaireurs et Eclaireuses du Luxembourg

Paraît minimum 8 fois par an ▪ rédaction: FNEL - Secrétariat
impression: printsolutions ▪ Photos: FNEL - Archives

Adresse:
FNEL - 61a, rue de Trèves L-2630 Luxembourg
Tel +352 26 480 450 ▪ mail@fnel.lu ▪ www.fnel.lu

fnel scouts & guides

P&T LUXEMBOURG Port payé PS/004

PERIODIQUE

Envois non distribuables à retourner à: L-3290 BETTEMBOURG